



CANNABISUBAU DOHEEM

AN ENTKORREKTIONALISÉIERUNG VU KLENGE QUANTITÉITEN

D'Legaliséierung vum Ubau doheem an Entkorrektionaliséierung vu klenge Cannabisquantitéiten op öffentleche Plaze sinn **eng éischt Etapp** vun der Ëmsetzung vum experimentellen Dispositiv fir déi legal Beschafung vu Cannabis fir net medezinesch Zwecker.

D'Regierung huet sech fir eng Reglementéierung vum Cannabisubau doheem entscheet, fir **de Konsum an d'Risiko grad ewéi d'Schied, déi domat zesummenhänken**, ze reduzéieren. Dës Entscheedung entsprécht enger aktiver a konstruktiver **Approche am Beréich vun der öffentlecher Gesondheet**, déi engem politesche Wëlle follegt, fir e **Gläichgewicht tëscht der Präventioun, der Reduzéierung vun de Risiken an der Kriminalitéitsbekämpfung** ze fannen.



EEGEVERANTWORTUNG



ÖFFENTLECH GESONDHEET



ENTKRIMINALISÉIERUNG VUM UBAU DOHEEM



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

WAT SINN DÉI WICHTEGST NEIERUNGEN?



Dat neit Gesetz erlaabt et all Erwuessenen, pro Haushaltsgemeinschaft* **bis zu véier Cannabisplanzen doheem unhand vu Som unzeplanzen**. Als Konsequenz ass de **perséinleche Konsum doheem** erlaabt, a **kleng Quantitéite vu Cannabis op öffentleche Plazen** ginn entkorrektionaliséiert.

WAT ASS D'ZIL?

Déi nei Reglementatioun ass Deel vun enger neier Approche am Beräich vun der **öffentlecher Gesondheet** an der **Präventioun**. Andeems et dem Konsument erlaabt, säin eegene Cannabis vu gudder Qualitéit unzeplanzen, **schützt d'Gesetz d'Gesondheet vum Konsument an hält e vun de kriminellen Netzwierker ewech**.



WÉI ENG BEDÉNGUNGE MUSSEN AGEHALE GINN?

Déi **maximal véier Planze pro Haushaltsgemeinschaft** müssen **am Domizil oder an dem gewéinleche Wunnsätz** vun **engem Erwuessenen** ugebaut ginn. Fir den Ubau däerf **ausschliisslech Som** benotzt ginn, an d'Planzen däerfe vun öffentleche Plazen aus **net siichtbar** sinn.





WAT ASS D'DEFINITIOUN VUN ENGER «*HAUSHALTSGEMEINSCHAFT»?

Eng Haushaltsgemeinschaft besteet aus alle Persounen, déi an engem **gemeinsame Foyer** wunnen an déi iwwert e **gemeinsame Budget** verfügen.

BLEIFT DE KONSUM AN DER ËFFENTLECHKEET VERBUEDEN?

Jo, de Konsum an der Ëffentlechkeet an op Plazen ausserhalb vun der Plaz vum Ubau **assinn verbueden**. De Besëtz an der Ëffentlechkeet, den Transport an, d'Acquisitioun sinn och verbueden, souwéi d'Deele vum sëlwereegen uegbauten Cannabis mat Persounen ausserhalb vun der Haushaltsgemeinschaftsinn och verbueden.



All Erwuessenen ass et erlaabt den sëlwereegen uegbauten Cannabis **an sengem Domizil oder an sengem gewéinleche Wunnsëtz** ze konsuméierenconsomméieren.

WÉI ENG STROFE SI VIRGESINN?

D'Gesetz gesäit eng Rei stroferechtlech Sanktioune a verschidde Fäll vir.

Zum Beispill, wann d'Plaz fir den Ubau net agehale gëtt oder fir de Besëtz vu méi wéi véier Planze gesäit d'Gesetz Prisongsstrofe vun aacht Deeg bis fënnf Joer an/oder Geldstrofe vu 500 € bis 250.000 € vir.

Fir de **Konsum an der Ëffentlechkeet** oder op Plazen ausserhalb vun der Plaz vum Ubau, souwéi den **Transport, de Besëtz an d'Beschaffung** vu Quantitéite vun **drei Gramm oder manner** besteet d'Méiglechkeet en Avertissement taxé vun 145 € ausgestellt oder eng Geldstrof tëscht 25 € bis 500 € verhaangen ze kréien.

Wann de Grenzwäert vun **drei Gramm iwwerschritt** gëtt, si Prisongsstrofe vun aacht Deeg bis sechs Méint an/oder Geldstrofe vun 251 € bis 2.500 € méiglech.



WÉI GI MANNERJÄREGER GESCHÜTZT?

De Konsum **bleift** fir Mannerjäreger **verbueden**.



Beim Konsum a Géigewaart vu Mannerjäregen oder an engem Schoulgebai si Prisongsstrofe vun aacht Deeg bis sechs Méint an/oder Geldstrofe vun 251 € bis 2.500 € virgesinn. De Konsum zesumme mat engem oder méi Mannerjärege kann zu Prisongsstrofe vu sechs Méint bis zwee Joer an/oder zu Geldstrofe vu 500 € bis 25.000 € féieren.

ASS ET ERLAABT ËNNER CANNABISAFLOSS AUTO ZE FUEREN?

Nee. Wat d'Fuere mat engem Gefier ënner Drogenafloss ugeet, ass **keng Ännerung** virgesinn. Deemno ass et net erlaabt, ënner Cannabisafluss ze fueren. De Grenzwäert, deem am Code de la Route virgesinn ass, entsprécht an der Praxis engem **Null-Toleranz**.



DIR HUDD NACH FROEN IWWER DE CANNABIS A SENG RISIKE ?

Wendt lech un d'Hotline vum CNAPA
(Centre national de prévention des addictions): **+352 49 77 77-55**.

De CNAPA setzt sech duerch Informatioun, Sensibiliséierung, Bildung a Koordinatioun fir d'Suchtpräventioun a fir d'Förderung vun der Gesondheet an.

Weider Informatiounen fannt Dir och op:
www.cannabis-information.lu.

